N°785
Entrée le 17.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n°785 vum 23. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN a Ben POLIDORI.**

D'Lëtzebuerger Ambassade zu Warschau steet am enken a gudde Kontakt mat de lokalen Autoritéiten. D'Paart huet misse wéinst Restauratiounsaarbechten zäitweis ewech geholl ginn a wäert fir d'Gedenkfeier fir den 80. Anniversaire vum Massaker vu Sonnenburg (Słońsk) den 31. Januar 2025 nees ubruecht ginn.

Well et an der Vergaangenheet Vandalismusaktioune goufen, gedenkt déi polnesch Säit d'Paart definitiv ofzebauen an op enger anerer Plaz nees opzeriichten, respektiv auszestellen. Déi definitiv Plaz fir d'Paart soll alle Conservatiouns-, Commemoratiouns- a Sécherheetsaspekter Rechnung droen.

Lëtzebuerg, de 17.Juni 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN